N°3564
Entrée le 27.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°3564 vum 30. Januar 2026 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler an Gusty Gras**

- **Deelt d'Madamm Minister dës alarmant Aussoen?**

Fir Réckstänn vu Planzeschutzmëttel op frëschem Uebst gëllen an der Europäescher Unioun spezifesch gesetzlech Bestëmmungen. Dës baséieren op ëmfaassende wëssenschaftleche Bewäertunge vun der Europäescher Autoritéit fir Liewensmëttelsécherheet (EFSA) a berécksiichtegen d'Ernärungsgewunnechte souwuel vun Erwuessenen ewéi och vu Kanner.

D'Conclusioun, déi am Rapport gezu gëtt, datt konventionell Äppel „net fir Klengkanner gëeegent" wieren, baséiert op enger falscher an net zoulässeger Uwendung vun de Grenzwäerter fir verschafft Iesse fir Klengkanner.

Wichteg ass och ze betounen dass d'Grenzwäerter fir Réckstänn vu Planzeschutzmëttel op gudder landwirtschaftlecher Praxis (GAP – good agricultural practice) baséieren an net op toxikologesche Grenzwäerter. Feststellbar Réckstänn déi ënner den Grenzwäerter vu Planzeschutzmëttel sinn bedeiten also net automatesch, datt e Gesondheetsrisiko besteet.

Déi offiziell Analyse-Resultater vun der Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) bestätegen, datt Äppel aus Lëtzebuerg de gesetzleche Bestëmmungen entspriechen a souwuel vu Kanner wéi och vun Erwuessenen ouni gesondheetleche Risiko kënne konsuméiert ginn.

- **Wat fir Pestizide sinn dem Landwirtschaftsministère an deem Kontext bekannt? Wat hunn d'Kontrolle vun der ALVA erginn?**

Eng Lëscht vun de biologeschen an konventionnellen Planzeschutzmëttel déi zu Lëtzebuerg op den Äppel zougelooss si fënnt een ënner follgendem Link:

Planzenschutzmëttel

D'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) huet an de leschte 16 Joer (2009–2025) insgesamt 182 Äppelprouwe – dorënner 97 aus lëtzebuergescher Produktioun – op Reschter vu Planzeschutzmëttel analyséiert.

Vun dësen 182 Prouwe war eng Äppelprouf (net aus Lëtzebuerg) net konform wéinst enger ze héijer Belaaschtung mat Triadimenol.

An deene 15 Joer huet keng eenzeg Äppelprouf aus lëtzebuergescher Produktioun net-konform Réckstänn vu Planzeschutzmëttel opgewisen.

- **Wat a wéini wëll d'Madamm Minister d'Lëtzebuerger Konsumenten avertéieren, fir datt voll Transparenz an dësen Dossier kënnt?**

Lëtzebuerg schafft kontinuéierlech, transparent an op wëssenschaftlecher Basis drun, d'Risike fir d'Konsumentinnen a Konsumenten ze miniméieren.

D'Lëtzebuerger Veterinär- a Liewensmëttelverwaltung féiert zanter Joren offiziell an transparent Liewensmëttelkontrollen duerch, fir d'Bevëlkerung ënner anerem och iwwer d'Risike vun enger kumulativer Expositioun mat Planzeschutzmëttel op Liewensmëttel z'informéieren.

D'Resultater vun dëse Kontrolle ginn dem interesséierte Public reegelméisseg iwwer de Portal fir Liewensmëttelsécherheet zur Verfügung gestallt.

https://securite-alimentaire.public.lu/fr/organisme/pcnp/rpt.html

- **Wat recommandéiert d'Madamm Minister den Uebstproduzente fir dës Belaaschtung staark ze reduzéieren? Fir wéini ass do een Austausch mat hinne virgesinn ?**

Den Departement vum Landwirtschaftsministère mécht selwer keng Recommandatiounen, mee subventionéiert am Uebstbau d'Berodung iwwer den **Art. 71 vum Agrargesetz** d'Berodungsmoduler 29 bis 31 (Règlement ministériel modifié du 26 novembre 2024 fixant le contenu des modules de conseil dans le domaine de l'agriculture et le montant de l'aide ainsi que les qualifications minimales des prestataires de services). Zil vun dëser Berodung ass nieft de wirtschaftlechen Aspekter och de biologeschen an integréierte Planzeschutz ze färderen.

Des Weidere finanzéiert de Landwirtschaftsministère iwwer **d'Artikele 67, 68 an 69 vum Agrargesetz** innovativ Projeten. Färderungsfäeg si Versich fir manner Planzeschutzmëttel auszebréngen. Detailer vun dësem Programm sinn iwwer règlement grand-ducal festgehal (Règlement grand-ducal du 12 mars 2024 relatif aux aides dans les domaines du transfert de connaissances, de la recherche et de l'innovation dans le secteur de l'agriculture.)

Eng Entrevue zu dem Thema zwëschent den Uebstproduzenten an eise Planzeschutzexperten ass virgesinn.

Lëtzebuerg, den 26 Februar 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau